

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Finanzminister weiderzeleeden:

„Et gi privat Stéit, déi zanter Joren op e Recalcul vun der Steierverwaltung waarden. Bei Nofro an hirem Steierbureau kréien si gesot, dass elo mol d’Steiererklärung vun 2020 géing traitéiert ginn. Deemno waarden si op hier Steiererklärunge vun de leschten 3 Joer, obwuel se hier Steiererklärung ëmmer an den Delaien ofginn hunn.

An deem Kader wollte mir dem Här Finanzminister folgend Froe stellen:

- Ginn et Statistiken, wéi vill Steiererklärunge vu private Stéit vun 2020, 2021 an 2022 nach ze traitéiere sinn?
- Ginn et geographesch Ënnerscheeder?
- U wat läit et, dass verschidde Steierbureauen esou eng grouss Verspéidung hunn?
- Ginn et Steierbureauen, an deenen d’Verspéidunge besonnesch grouss sinn, respektiv ginn et Steierbureauen, déi d’Steiererklärungen an Zäit vun e puer Wochen, nodeems se erakommen, behandelen? Wa jo, wéi eng Steierbureauen hu besonnesch vill Verspéidung?
- Wat kënnen d’Bierger maachen, fir hier Steiererklärung méi séier traitéiert ze kréien?
- Gëtt d’Personalkapazitéit reegelméisseg adaptéiert fir eventuelle Retarden entgéint ze wierken. Wéi huet dës Zuel iwver déi lescht zwee Joer evoluéiert ?
- Wat gedenkt den Här Minister nach ze maachen, fir dës Retarden an de Grëff ze kréien ?”

Mat déiwem Respekt,



Corinne CAHEN
Deputéiert